# POMPJEESVERBAND
# FLASH Januar 2021

Kolleeginnen a Kolleegen Pompjeeën am CGDIS,

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 14. Januar 2021 beschwat goufen.

- De Pompjeesverband an Foyer Assurances hunn eng Konventioun ënnerschriwwen, déi et allen Memberen vum Pompjeesverband erméiglecht ze besseren Konditiounen eng Zousazkrankeversëcherung ofzeschléissen. Zu dësem Zweck ginn Versammlungen (Webinar) organiséiert (Annexe). Mir bieden Iech dëst un all Member vum CIS an den Amicallen weider ze leeden.
- Op den Opruff vum Zentralvirstand betreffend d'Kommissioun vun fräiwëllegen Instrukteren hu sech 4 fräiwëlleg Instrukteren gemellt, den ZV bestätegt déi 4 Kandidaten. D'Kommissioun besteht aus folgende Memberen:

| Numm | Virnumm | Numm | Virnumm |
|---|---|---|---|
| BIRSCHEIDT | Carlo | LEMAIRE | Romain |
| DAEMS | Paul | OTT | Joé |
| DAS NEVES | Philippe | ZIMMERMANN | Pascal |
| GAILLARD | Ben | NENNO | Christophe |
| HESSE | Max | SCHMITT | Laurent |
| HESSE | Reiner | KANSTEIN | Jan |
| KIHM | Jérôme | BUIJS | Jean-Paul |

- Gerüchter datt de Subside vum CGDIS un d'Amicallen op Hand vun engem Depensëbudget berechent ginn stëmme net, dat geschitt op Hand vun de Memberszuelen vum CIS/GIS.

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu 28 55 641 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/ 7, rue Chr. Plantin
L-2339 Lëtzebuerg



# Är Gesondheet ouni Suergen

**Léif Memberen,**

Als sozial-verantwortlech «Federatioun» steet Äert Wuelbefannen am Zentrum vun eiser Preoccupatioun.

Dofir huet d'FNP e Kaderkontrakt «Medicis Confort» a Kollaboratioun mat der Agence **Penning Biermann & Associés,** General Agence vum Groupe Foyer, ënnerschriwwen.

Duerch dëse Kaderkontrakt bidde mir Iech d'Méiglechkeet fir eng komplementar Gesondheetsversécherung zu favorabele Konditioune fir Iech an Är Noosten ofzeschléissen.
D'Haaptavantagë vun dësem Kaderkontrakt sinn:

- **keng medezinesch Risikopréifung, wann Dir virum 31.03.21 ofschléisst**
- **eng direkt Ofsécherung ouni Karenzzäit**
- **ee favorabele Präis**
- **de CGDIS rembourséiert senge Fräiwëllege bis zu 50 % vun der järlecher Cotisatioun**
- **Primm ka steierlech ofgesat ginn (672 € pro Persoun am Stot)**

**Visiokonferenze** fir Iech d'Virdeeler vun der Gesondheetsversécherung «Medicis Confort» via de Kaderkontrakt FNP virzestelle ginn organiséiert. Deemno lueden mir Iech a fir de Planning ze kucken an Iech séier an eng Sessioun vun Ärer Wiel anzeschreiwen, andeems Dir de Link benotzt, deen hanner der respektiver Seance affichéiert ass (benotzt dofir w.e.g. onbedéngt de **Chrome Browser**).

Wärend dëser Presentatioun kritt Dir d'Ofsécherungen, d'Tariffer, praktesch Beispiller vun Zeréckbezuelungen/Remboursementer a sämtlech Virdeeler vum Kaderkontrakt FNP am Detail erkläert. D'Seancë sinn:

- **20.01.2021 um 19 Auer 30**
  https://app.livestorm.co/groupe-foyer/medicis-aer-gesondheet-ouni-suergen-20-janvier-2021
- **27.01.2021 um 19 Auer 30**
  https://app.livestorm.co/groupe-foyer/medicis-aer-gesondheet-ouni-suergen-27-janvier-2021
- **03.02.2021 um 19 Auer 30**
  https://app.livestorm.co/groupe-foyer/medicis-aer-gesondheet-ouni-suergen-03-fevrier-2021
- **10.02.2021 um 19 Auer 30**
  https://app.livestorm.co/groupe-foyer/medicis-aer-gesondheet-ouni-suergen-10-fevrier-2021

Mir freeën eis Iech an enger vun eisen Informatiounsreuniounen ze begréissen a sti weiderhi fir all Informatiounen um Mail **1195@agencefoyer.lu** zur Verfügung.

Foyer
Penning, Biermann & Associés
198, rue de Beggen - L-1220 Luxembourg
Tél.: +352 43 45 11 1 - 1195@foyer.lu